
Mediensplitter

# E Blummendëppe mat engem roude Fuendel

*De 17. Juni as et souwäit, war uganks Mee am Internet-Magazine Salon ze liesen. Da gët dat gréisste politescht Rätsel an den USA geléist. Da publizéiert den John Dean säi neit Buch iwwert de Watergate-Skandal, natierlech bei Salon. Den Dean huet am Wäissen Haus fir de republikanesche President Richard Nixon geschafft, wéi an den Demokraten hir Wahlkampf-Zentral am Watergate-Hotel zu Washington agebrach gouf. Zwee Reporter vun der* Washington Post*, deemols knapp 30 Joer al, sin der Saach nogaangen. Dobäi hu si sech op eng anonym Quell gestäipt, den Deep Throat. Bis haut weess nach ëmmer keen, wien den Deep Throat as...*



De 17. Juni waren et genee 30 Joer hier, datt de Watergate-Skandal säin Ufank geholl huet. 5 Abriecher goufen festgeholl, wéi si en defekte Mikro an engem Telefon am Watergate-Komplex zu Washington wollten ersetzen. Si waren also schon eng Kéier an d'Zentral vun der demokratescher Wahlcampagne agebrach, jhust datt kee Mënsch dës éischt Illegalitéit anuecht geholl hat. Zwee jonk Reporter aus der Lokalredaktioun vun der *Washington Post*, de Carl Bernstein an de Bob Woodward, sin der Saach mat Energie a Klatzkäppegkeet nogaangen. An aus engem lokalen Evenement gouf en nationale Skandal, wéi sech erausgestallt huet, datt wahrscheinlech Leit aus héijhe republikanesche Sphären hir Fanger am Spill hätten an eventuell esouguer de President.

Vun Ufank un haten déi zwee Journalisten, a speziell de Bob Woodward, eng aussergewéinlech Quell. Déi huet hinnen zwar keng konkret Informatiounen geliwwert, mee als *deep background* – dat heescht, ouni datt si hien an iergendenger Form hun däerfen zitéieren – eng Geschicht konfirméiert oder d'Richtung ugedeit, an däer d'Reporter sollte viru recherchéieren. De *managing editor* Howard Simons, also den zweete Mann an der Redaktioun, huet dëser Persoun den Numm Deep Throat gin; sou huet e Pornosfilm geheescht, dee kuerz virdrun an d'Kinoe koum. (D'Haaptactrice Linda "Lovelace" Boreman as iwwregens de leschten 22. Abrëll am Alter vun 53 Joer un hire Blessüren no engem Autosakzident gestuerwen, op den Dag genee 8 Joer no dem amerikanesche President Richard Nixon.)

**Bis haut as et eent vun de grousse politesche Geheimnisser an e Gesellschaftsspaass zu Washington, fir doriwwer ze spekuléieren, wien sech hannert dem Deep Throat verstoppt.**

Bis haut as et eent vun de grousse politesche Geheimnisser an e Gesellschaftsspaass zu Washington, fir doriwwer ze spekuléieren, wien sech hannert dem Deep Throat verstoppt. De Bob Woodward sot ëmmer, hie géif d'Identitéit nëmme mat der Erlabnis vun däer Persoun selwer bekanntgin, oder wa si bis eng Kéier gestuerwe wäer. De Woodward sot och, den Deep

Throat wäer gefrot gin an hätt öffentlech formell dementéiert, eppes mat der Saach ze din ze hun. Ausserdem huet de Woodward ze verstoen gin, datt et e Mann wäer.

Nëmme véier Leit solle séng Identitéit kennen. Den Deep Throat selwer, den Duo Woodstein an de Ben Bradlee, den deemolege Chefredakter vun der *Washington Post*. Hien as et awer, wéi hien a sénger Autobiographie *A Good Life* schreift, eréischt gewuer gin, wéi de Nixon schon zeréckgetruede war, vum Bob Woodward op enger Bänk an engem Park. Déi dräi Journaliste schwieren, kenger Mënscheséil je eppes verroden ze hun.

An de Verdacht geroden, den Deep Throat ze sin, sin der vill, ënnert hinnen den Henry Kissinger, den Alexander Haig an dann eng ganz Partie Spëtzeleit vun FBI a CIA. Mee nëmmen e puer vun de potentielle Kandidaten kruten dem Woodward séng öffentlech Absolutioun. Zu hinne gehéiert den Haig, deen während dem Watergate-Skandal d'Equipe vum Wäissen Haus dirigéiert huet an deen 1988 selwer fir den Oval Office wollt kandidéieren – wat kaum méiglech gewiescht wäer, wann hien am Ruff gestan hätt, den Deep Throat ze sin. An den Iwwerganksdirekter vum FBI nom Doud vum legendären J. Edgar Hoover, den L. Patrick Gray. Nët ze vergiesssen den John Sears, dee bis virun zwee Joer am Fong kee Mënsch verdächtegt huet.

Deemols huet de Leonard Garment e wonnerbart Buch iwwert d'Affär publizéiert: *In Search of Deep Throat*. Säin Avantage: hie kennt déi bedeelegt Persounen all perséinlech. Matzen an der Watergate-Krise, wéi de President ënnert Héichdrock stoung, as de Garment juristesche Chefberoder vum Wäissen Haus gin, well de Richard Nixon den John W. Dean III., also genee dee Mann, deen elo d'Rätsel vum Deep Throat wëllt léisen, virun d'Dir gesat huet. De Garment mengt, den John Sears, deemols säi Stellvertrieder a bis haut e politesche Strategieberoder vun de Republikaner, wäer den Deep Throat gewiescht. Séng Pointe: et huet bis elo keen dat gemierkt, well de Sears am Buch *All the President's Men* vu Bernstein a Woodward ganz ouni Geheimnis och als offiziell Quell vum Carl Bernstein figuréiert. Mee de Sears huet direkt ofgewénkt, an och den Duo Woodstein huet unanimement dementéiert.

Elo also lancéiert dem Garment säi Virgänger als Chefjurist am Wäissen Haus séng Versioun. Et as allerdéngs nët säin éischte Versuch, fir den Deep Throat z'identifizéieren. Schon 1972 huet den John Dean den Earl Silbert verdächtegt; dat war de Staatsanwalt (*Prosecutor*) am Watergate-Dossier. Véier Joer méi spéit huet hien den David M. Gergen an e schiift Liicht geréckelt; deen huet an der Zäit dem Nixon séng Riede geschriwwen. 1982 huet hien en drëtten Kandidat an




d'Gespréich bruecht, iewen den Alexander Haig. Dräi Mol louch den Dean falsch. Vläicht huet hien déi Kéier méi Chance...

Firwat den Dean esou benzeg drop as, fir den Deep Throat z'identifizéieren, muss mat sénger Carrière zesummenhänken. Well hie séngerzäit mat der Staatsanwaltschaft zesummegeschafft huet, huet den Nixon hien als säin zweetschlëmmste Feind ugesin; dee schlëmmste war selbstverständlech den Deep Throat selwer.

Wann et den Deep Throat dann tatsächlech gët. Et sin nët wéineg Leit, déi u sénger Existenz zweifelen, jiddefalls sou, wéi de Woodward an de Bernstein hien an hierem Buch *All the President's Men*, dat duerno mat dem Robert Redford an dem Dustin Hoffmann verfilmt gouf, portraitéiert hun. (Dësen Titel as eng Uspillung un de Roman *All the King's Men*, deen de Robert Penn Warren 1946 publizéiert huet a fir deen hien e Joer drop de Pulitzer Präis krut. Et geet doranner em déi politesch Carrière vum Willie Stark, eng fiktionaliséiert Versioun vum Gouverneur Huey "Kingfish" Long aus dem Louisiana.)

Wann de Woodward den Deep Throat wollt gesin (si hun nämlech ni mateneen telefonéiert), dann huet hien e Blummendëppe mat engem roude Fuendel op säi Balkon vu sénger Wunnéng um 6. Stack gestallt. Jhust datt een dëse Blummenstack onméiglech vun der Strooss aus konnt gesin, wéi ee vun de Kritiker vum Woodward schreift (den Adrian Havill a séngem Buch *Deep Truth* iwwert déi zwee Starjournalisten an de Watergate-Skandal). A wann den Deep Throat par conter mat dem Woodward an hierem ënnerierdesche Parking wollt schwätzen, huet hie ronderem d'Säit 20 vun der *New York Times*, déi mueres em 7 Auer virun der Dir vum Woodward séngem Appartement louch, e Kreess gemaach an eng Auer mat zwee Zäere gemolt, meeschtens fir moies 2 Auer ze signaliséieren.

**A wat wäer, wann den Deep Throat schon laang enttarnt wäer?**

**Fir vill Leit huet den Deep Throat iwwerhaapt ni existéiert. Déi eng soen, hie wäer jhust eng flott Erfindung, fir "All the President's Men" méi spannend ze maachen. Fir déi aner as hien en zesummegesatene Personnage.**

Fir vill Leit huet den Deep Throat iwwerhaapt ni existéiert. Déi eng soen, hie wäer jhust eng flott Erfindung, fir All the President's Men méi spannend ze maachen. Fir déi aner as hien en zesummegesatene Personnage. Et däerf een also gespaant sin op dem John Dean séng nei Theorie.

A wat wäer, wann den Deep Throat schon laang enttarnt wäer? An domadder mécht sech eng ganz aner Piste op. Bal 7 Wochen, ier den Abroch am Watergate-Hotel entdeckt gouf, as den legendäre Chef vum FBI, den J. Edgar Hoover, dee bal en halleft Joerhonnert op dem Posten soutz, den 2. Mee 1972 gestuerwen. Den Nixon wollt vun der Geleënheet profitéieren an en neie Mann vu baussen als Direkter ernennen, an zwar den L. Patrick Gray, ee vun den Haaptverdächtegen fir d'Roll vum Deep Throat, deen awer vum Woodward aus der Schosslinn geholl gouf.

Datt e Mann vu bausse Chef vun der nationaler Police sollt gin, huet der FBI-Spëtzt nët gefall. Si huet gefaart, d'Wäisst Haus géif si an Zukunft politesch mëssbrauchen. Datt si sech dës Suergen zu Recht gemaach huet, huet den Nixon bewisen, wéi hien den FBI an der Watergate-Affär wollt bremsen. Fir dat ze verhënneren a fir den Drock op den Nixon bäizebehalen, hätten d'FBI-Leit Informatiounen un d'Presse virugin.

Staark am Verdacht stoung den Nummer 3 vum FBI, deen sech Hoffnunge gemaach huet, Nummer 1 ze gin, den W. Mark Felt. Interessanterweis huet de Woodward nach haut Kontakt mat dem Felt, an hien huet selwer ëmmer gesot, hien hätt e gudde Frënd beim FBI, deen him Informatioune géif zouschousteren. De Felt as an der Tëscht iwwert 80 Joer al a wunnt bei sénger Duechter a Kalifornien.

Wéi virun dräi Joer den Timothy Noah vum Internet-Magazine Slate beim Felt ugeruff huet, krut hien e Répondeur: "Wann Dir gäeren e Message fir d'Joan, de Rob, den Nick an den Deep Throat wëllt hannerloossen, kënnt Dir dat no dem Bip maachen." Wéi de Journalist e bësse méi spéit tatsächlech d'Duechter um Telefon hat, fir sech séng Sensatioun konfirméieren ze loossen, sot déi jhust. "Neen, mir hate gëschter e Patt gedronk an dunn hun ech, well stänneg Leit wéinst dem Deep Throat hei uruffen, dee Sproch do opgeholl. En as awer schon neess geläscht." Schued...

PS: An der New York Times rappt de Richard Reeves de Journalisten e wéineg d'Panz, well si amgaang sin, déi richteg Léier aus dem Watergate-Skandal aus den Aen ze verléieren, sou beschäftegt si si mat der Fro, wien dann elo den Deep Throat war (*http://www.nytimes.com/2002/06/23/opinion/23REEV.html?todaysheadlines*).

Effektiv: dem John Dean séng Révélatioune sin zimlech enttäuschend, wann een d'Rezensiounen an der amerikanescher Presse liest. Duerfir hun ech mir déi 8 Dollar gespuert, fir déi ronn 150 Säite vun *Unmasking Deep Throat* beim Internet-Magazin Salon erofzelueden (*http://dean.salon.com*). D'Pointe verroden ech awer gäer: den Dean nennt déi Kéier nët nëmmen *eng* Persoun, déi den Deep Throat kënnt sin, mee gläich véier; e fënnefte Verdächtegen as aus dem Manuskript gestrach gin, well hie mat dem Riichter gedréit huet. Alle véier kommen aus dem Wäissen Haus: de Pat Buchanan, dee fréier Riede fir de President Richard Nixon geschriwwen huet a selwer dräimol Kandidat fir den Oval Office war; de Ron Ziegler, dee Pressespriecher vum Wäissen Haus war; de Ray Price an de Steve Bull, nach emol zwee Mataarbechter vum Nixon.

Bei sénge Recherchen huet den Dean mat dem Journalismusdozent William Gaines vun der Universitéit vun Illinois zesumme geschafft. Deem séng Studente hun en flotte *Finder's Guide to Deep Throat* als Hannergronndokument kompiléiert, deen een sech als Gratis-E-Mail ka schécke loossen (*http://www.comm.uiuc.edu/spike/deepthroat*).

Den Timothy Noah vum Internet-Magazine Slate as par conter guer a glad nët iwwerzeegt vum Dean séngen Thesen. Hie gleeft weider drun, datt den Deep Throat aus dem FBI kënnt (*http://www.slate.msn.com/?id=2067081*; eleng schon wéinst de ville Linken as dësen Text absolut ze recommandéieren). Dat hat fir d'éischt 1992 den James Mann a séngem effektiv iwwerzeegenden Artikel „Deep Throat: An Institutional Analysis" exposéiert (*http://www.theatlantic.com/issues/92may/9205deepthroat.htm*).

Schliisslech rentéiert et sech, der Washington Post hiere speziellen Dossier „Revisiting Watergate" kucken ze goen

(*http://www.washingtonpost.com/wp-srv/onpolitics/watergate/splash.html*).

**Romain Kohn**

*(Fräie Micro um honnert,7 vum 12. Juni 2002)*

